N°484
Entrée le 15.03.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.03.2024

Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15. Mäerz 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

An der Vergaangenheet gouf am Gesondheetsministère driwwer diskutéiert, fir nei Krittären auszeschaffen, fir d'Ausstelle vu Konzessioune fir eng Apdikt opzemaachen. Bedéngt duerch de stramme Bevëlkerungswuesstem läit Lëtzebuerg mat 15,6 Apdikte pro 100.000 Awunner däitlech ënnert dem OECD-Wäert vun 28 Apdikte pro 100.000 Awunner; d'Belsch huet iwwerdeems 42 Apdikte pro 100.000 Awunner.

An deem Kontext géife mir eis erlaben, d'Madamm Gesondheetsminister op ee speziell problematesche Fall hinzeweisen: D'Gemeng Clierf ass flächeméisseg déi zweetgréisste Gemeng aus dem Land. Eenzeg Maarnech huet eng Apdikt. An deem Zesummenhang sief drop higewisen, datt déi 17 Uertschafte vun der Gemeng Clierf am Hibléck op d'Distanz zum Deel wäit auserneeleien. Am Hibléck op den ëffentlechen Transport hu grad och Dierfer ewéi Léiler oder Kaalber, déi no un d'Belscht, respektiv, Däitschland ugrenzen, eng méi problematesch Ubannung u Maarnech.

An deem Sënn gi grad och an der Gemeng Clierf d'Stëmmen ëmmer méi haart, déi eng zweet Apdikt fir déi genannte Gemeng fuerderen.

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N°246 vum Här Mars Di Bartolomeo huet d'Madamm Gesondheetsminister preziséiert, datt den demographesche Wuesstem an d' "densité médicale" berécksiichtegt gi fir d'Ausstelle vu Konzessioune bei den Apdikten.

An deem Kontext hätte mir follgend Froen un d'Madamm Minister:

1. Am Hibléck op d'Ausso vun der Madamm Gesondheetsminister, datt d'"densité médicale" an déi demographesch Entwécklung berécksiichtegt gi fir d'Ausstelle vu Konzessiounen, fir eng Apdikt opzemaachen: Wou feelen an den Ae vun der Madamm Gesondheetsminister hei am Land nach Apdikten?
2. Misst – nieft de Krittäre vun der demographescher Entwécklung an der "densité médicale" – net och den Aspekt vun der geographescher Lag mat berécksiichtegt ginn?

3. Kann d'Regierung eis eng Iwwersiicht, respektiv, déi geographesch Opdeelung vun allen Apdikten, déi et de Moment zu Lëtzebuerg ginn, zoukomme loossen?
4. Wéi huet sech d'Ausstelle vu Konzessiounen, fir zu Lëtzebuerg eng Apdikt opzemaachen, an de leschten zéng Joer entwéckelt? Sinn an deem Kontext an de leschten zéng Joer Apdikten dobäikomm, respektiv, ofgezu ginn?
5. Wéi wäit sinn aktuell d'Aarbechten, respektiv, d'Entwécklungen am Gesondheetsministère fortgeschratt, fir d'Prozedure fir d'Ausstelle vu weidere Konzessiounen, fir eng Apdikt opzemaachen, ze iwwerschaffen?
6. Am spezifesche Fall vu Clierf: Gedenkt de Gesondheetsministère dem berechtegten Uleies vun de Clierfer Bierger, fir eng zweet Apdikt an der Gemeng opzemaachen, nozekommen?
7. Gedenkt de Gesondheetsministère an deem Kontext eng eventuell beschleunegt Prozedur anzeféieren, fir deem berechtegte Besoin no enger zweeter Apdikt an der Gemeng Clierf gerecht ze ginn? Wa jo, a wéi engem zäitleche Kader ka mat der Ëmsetzung vun dësem Projet gerechent ginn? No wéi enge Krittäre géif de Gesondheetsministère de gëeegente Standuert fir eng zweet Apdikt an der Gemeng Clierf auswielen?

Mat déiwem Respekt,

Alexandra Schoos
Deputéiert

Jeff Engelen
Deputéierten

N°484
Entrée le 09.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 484 vum 15. Mäerz 2024 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Alexandra Schoos a vum honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen.**

*1. Am Hibléck op d'Ausso vun der Madamm Gesondheetsminister, datt d'"densité médicale" an déi demographesch Entwécklung berécksiichtegt gi fir d'Ausstelle vu Konzessiounen, fir eng Apdikt opzemaachen: Wou feelen an den Ae vun der Madame Gesondheetsminister hei am Land nach Apdikten?*

Reng no der demographescher Entwécklung gekuckt an op Basis vun der Rechnung vun der Direktioun vun der Santé missten am Land 121 Apdikten sinn (Stand: d'Populatioun vun 2023). Dës Rechnung gesäit vir datt eng Gemeng eng Apdikt ka kréien soubal d'Awunnerzuel während op mannst zwee Joer iwwert 2.500 Awunner läit. All weider Apdikt kinnt envisagéiert ginn, wann d'Awunnerzuel em 5.000 Awunner klëmmt (d.h. eng zweet Apdikt wär méiglech ab enger Awunnerzuel vun 7.500, eng drëtt ab 12.500, asw.). Dëse Kritär muss kompletéiert gi mam Kritär vun der „densité médicale", dëst gëtt dann „au cas par cas" gekuckt.
Aktuell sinn 102 Apdikten op fir de Public, 2 Apdikten si schonns per Arrêté ministériel kreéiert ginn, mee mussen nach vun engem Apdikter iwwerholl ginn a 7 Gemengen sinn an der Diskussioun fir eng Apdikt ze kréien.

*2. Misst – nieft de Krittäre vun der demographescher Entwécklung an der „densité médicale" – net och den Aspekt vun der geographescher Lag mat berécksiichtegt ginn?*

Bei der Kreatioun vun enger neier Apdikt musse sécherlech méi Aspekter berücksichtegt ginn, dofir muss all Demande eenzel analyséiert ginn.

*3. Kann d'Regierung eis eng Iwwersiicht, respektiv, déi geographesch Opdeelung vun allen Apdikten, déi et de Moment zu Lëtzebuerg ginn, zoukommen loossen?*

Eng Iwwersiicht, respektiv déi geographesch Opdeelung vun allen Apdikten, déi et de Moment zu Lëtzebuerg ginn, gesäit een am nofolgenden Tableau:

| Année | 2023 | 2023 | 2024 | 2024 | 2024 | 2024 |
|---|---|---|---|---|---|---|
| | Population par canton et commune | Pharmacies théoriques selon critère démographique | Pharmacies ouvertes au public | Localités des pharmacies ouvertes public | Pharmacies créées, mais pas encore ouvertes au public | Communes des pharmacies créées |
| **Spécification** | Statec | DiSa | | | | |
| Grand-Duché de Luxembourg | 660.809 | 121 | 102 | | 2 | |
| · **Canton Clervaux** | **20.687** | **4** | **4** | | | |
| Clervaux | 6.021 | 1 | 1 | Marnach | | |
| Parc Hosingen | 4.036 | 1 | 1 | Hosingen | | |
| Troisvierges | 3.513 | 1 | 1 | Troisvierges | | |
| Weiswampach | 2.313 | 0 | 0 | | | |
| Wincrange | 4.804 | 1 | 1 | Wincrange | | |
| · **Canton Diekirch** | **35.15** | **5** | **5** | | | |
| Bettendorf | 3.052 | 1 | 0 | | | |
| Bourscheid | 1.678 | 0 | 0 | | | |
| Diekirch | 7.295 | 1 | 2 | Diekirch (2) | | |
| Erpeldange-sur-Sûre/Ingeldorf | 2.429 | 0 | 1 | Ingeldorf | | |
| Ettelbruck | 9.688 | 2 | 2 | Ettelbruck (2) | | |
| Feulen | 2.366 | 0 | 0 | | | |
| Mertzig | 2.37 | 0 | 0 | | | |
| Reisdorf | 1.353 | 0 | 0 | | | |
| Schieren | 2.149 | 0 | 0 | | | |
| Vallée de l'Ernz | 2.77 | 1 | 0 | | | |
| · **Canton Redange** | **20.874** | **3** | **3** | | | |
| Beckerich | 2.866 | 1 | 0 | | | |
| Ell | 1.582 | 0 | 0 | | | |
| Grosbous | 1.134 | 0 | 1 | Grosbous | | |
| Préizerdaul | 1.827 | 0 | 0 | | | |
| Rambrouch | 4.836 | 1 | 1 | Rambrouch | | |
| Redange-sur-Attert | 3.059 | 1 | 1 | Redange/Attert | | |
| Saeul | 983 | 0 | 0 | | | |
| Useldange | 2.075 | 0 | 0 | | | |
| Vichten | 1.425 | 0 | 0 | | | |
| Wahl | 1.087 | 0 | 0 | | | |
| · **Canton Vianden** | **5.594** | **0** | **1** | | | |
| Putscheid | 1.153 | 0 | 0 | | | |
| Tandel | 2.238 | 0 | 0 | | | |
| Vianden | 2.203 | 0 | 1 | Vianden | | |

| | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| · **Canton Wiltz** | **19.209** | **3** | **3** | | | |
| Boulaide | 1.499 | 0 | 0 | | | |
| Esch-sur-Sûre/Heiderscheid | 3.129 | 1 | 1 | Heiderscheid | | |
| Goesdorf | 1.664 | 0 | 0 | | | |
| Kiischpelt | 1.26 | 0 | 0 | | | |
| Lac de la Haute-Sûre | 2.253 | 0 | 0 | | 1 | Lac de la Haute-Sûre |
| Wiltz | 7.949 | 2 | 2 | Wiltz (2) | | |
| Winseler | 1.455 | 0 | 0 | | | |
| · **Canton Echternach** | **20.28** | **3** | **3** | | | |
| Beaufort | 3.053 | 1 | 1 | Beaufort | | |
| Bech | 1.357 | 0 | 0 | | | |
| Berdorf | 2.219 | 0 | 0 | | | |
| Consdorf | 2.117 | 0 | 0 | | | |
| Echternach | 5.87 | 1 | 2 | Echternach (2) | | |
| Rosport - Mompach | 3.704 | 1 | 0 | | | |
| Waldbillig | 1.96 | 0 | 0 | | | |
| · **Canton Grevenmacher** | **32.524** | **6** | **5** | | | |
| Betzdorf | 4.105 | 1 | 0 | | | |
| Biwer | 1.926 | 0 | 0 | | | |
| Flaxweiler | 2.193 | 0 | 0 | | | |
| Grevenmacher | 5.092 | 1 | 1 | Grevenmacher | | |
| Junglinster | 8.622 | 2 | 1 | Junglinster | | |
| Manternach | 2.298 | 0 | 0 | | | |
| Mertert/Wasserbillig | 5.117 | 1 | 2 | Mertert (1) + Wasserbillig (1) | | |
| Wormeldange | 3.171 | 1 | 1 | Wormeldange | | |
| · **Canton Remich** | **24.186** | **3** | **3** | | | |
| Bous | 1.752 | 0 | 0 | | | |
| Dalheim | 2.408 | 0 | 0 | | | |
| Lenningen | 2.07 | 0 | 0 | | | |
| Mondorf-les-Bains | 5.424 | 1 | 2 | Mondorf-les-Bains (2) | | |
| Remich | 4.015 | 1 | 1 | Remich | | |
| Schengen | 5.196 | 1 | 0 | | | |
| Stadtbredimus | 1.984 | 0 | 0 | | | |
| Waldbredimus | 1.337 | 0 | 0 | | | |
| · **Canton Capellen** | **52.828** | **10** | **7** | | | |
| Dippach/Schouweiler | 4.635 | 1 | 1 | Schouweiler | | |
| Garnich | 2.289 | 0 | 0 | | | |
| Habscht | 4.992 | 1 | 0 | | | |
| Käerjeng | 11.015 | 2 | 1 | Bascharage | | |
| Kehlen | 6.391 | 1 | 1 | Kehlen | | |
| Koerich | 2.706 | 1 | 0 | | | |
| Kopstal | 4.286 | 1 | 1 | Bridel | | |
| Mamer/Capellen | 10.643 | 2 | 2 | Capellen (1) + Mamer (1) | | |
| Steinfort | 5.871 | 1 | 1 | Steinfort | | |

| | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| · **Canton Esch** | **189.54** | **37** | **32** | | | |
| Bettembourg | 11.422 | 2 | 2 | Bettembourg (2) | | |
| Differdange | 29.536 | 6 | 5 | Differdange (4) + Niederkorn (1) | | |
| Dudelange | 21.953 | 4 | 3 | Dudelange | | |
| Esch-sur-Alzette | 36.625 | 7 | 8 | Esch/Alzette | | |
| Frisange | 4.912 | 1 | 1 | Frisange | | |
| Kayl/Tetange | 9.865 | 2 | 1 | Tetange | | |
| Leudelange | 2.766 | 1 | 0 | | | |
| Mondercange | 7.119 | 1 | 1 | Mondercange | | |
| Pétange/Rodange/Lamadelaine | 20.563 | 4 | 3 | Lamadelaine (1) + Pétange (1) + Rodange (1) | | |
| Reckange-sur-Mess | 2.734 | 1 | 1 | Ehlange | | |
| Roeser/Bivange | 6.657 | 1 | 1 | Bivange | | |
| Rumelange | 5.692 | 1 | 1 | Rumelange | | |
| Sanem/Belvaux/Soleuvre | 18.333 | 4 | 3 | Belvaux (2) + Soleuvre (1) | | |
| Schifflange | 11.363 | 2 | 2 | Schifflange | | |
| · **Canton Luxembourg** | **204.358** | **41** | **31** | | | |
| Bertrange | 8.668 | 2 | 1 | Bertrange | | |
| Contern | 4.374 | 1 | 1 | Contern | | |
| Hesperange/Howald | 16.433 | 3 | 2 | Hesperange (1) + Howald (1) | | |
| Luxembourg | 132.78 | 27 | 21 | Luxembourg | | |
| Niederanven | 6.66 | 1 | 1 | Niederanven | 1 | Niederanven |
| Sandweiler | 3.751 | 1 | 1 | Sandweiler | | |
| | 4.387 | 1 | 1 | Schuttrange | | |
| Steinsel | 5.539 | 1 | 1 | Steinsel | | |
| Strassen | 10.538 | 2 | 1 | Strassen | | |
| Walferdange | 8.73 | 2 | 1 | Walferdange | | |
| Weiler-la-Tour | 2.498 | 0 | 0 | | | |
| · **Canton Mersch** | **35.579** | **6** | **5** | | | |
| Bissen | 3.45 | 1 | 0 | | | |
| Colmar-Berg | 2.336 | 0 | 1 | Colmar-Berg | | |
| Fischbach | 1.308 | 0 | 0 | | | |
| Heffingen | 1.549 | 0 | 0 | | | |
| Helperknapp | 4.941 | 1 | 0 | | | |
| Larochette | 2.208 | 0 | 1 | Larochette | | |
| Lintgen | 3.436 | 1 | 0 | | | |
| Lorentzweiler | 4.521 | 1 | 1 | Lorentzweiler | | |
| Mersch | 10.393 | 2 | 2 | Mersch (2) | | |
| Nommern | 1.437 | 0 | 0 | | | |

*4. Wéi huet sech d'Ausstelle vu Konzessiounen, fir zu Lëtzebuerg eng Apdikt opzemaachen, an de leschten zéng Joer entwéckelt? Sinn an deem Kontext an de leschten zéng Joer Apdikten dobäikomm, respektiv, ofgezu ginn?*

Et ass keng Apdikt ofgezu ginn. Op Demande vum Titulaire sinn eenzel Apdikten geplënnert ginn.
An de leschten zéng Joer sinn ënnert anerem folgend Apdikten bäikomm:

- Belval (Gemeng Suessem) 2018
- Contern 2020
- Differdange 2015
- Ehlange 2022
- Heiderscheid 2019
- Lorentzweiler 2021
- Luxembourg-Cloche d'Or 2017
- Lac de la Haute Sûre 2023 (nach net verginn)
- Niederanven 2023 (nach net verginn)

*5. Wéi wäit sinn aktuell d'Aarbechten, respektiv, d'Entwécklung am Gesondheetsministère fortgeschratt, fir d'Prozedure fir d'Ausstelle vu weider Konzessiounen, fir eng Apdikt opzemaachen, ze iwwerschaffen?*

D'Prozedur ass vum Gesetz virgeschriwwen, fir de Moment ass net virgesinn fir den Text ze änneren.

*6. Am spezifesche Fall vu Clierf: Gedenkt de Gesondheetsministère dem berechtegten Uleies vun de Clierfer Bierger, fir eng zweet Apdikt an der Gemeng opzemaachen, nozekommen?*

Fir kënnen eng weider Apdikt an der Gemeng Klierf opzemaachen mussen d'Besoin'en ofgekläert ginn. Vun der Awunnerzuel hir wär de Critère vun der Demographie net erfëllt.

*7. Gedenkt de Gesondheetsministère an deem Kontext eng eventuell beschleunegt Prozedur anzeféieren, fir deem berechtegte Besoin no enger zweeter Apdikt an der Gemeng Clierf gerecht ze ginn? Wa jo, a wéi engem zäitleche Kader kam at der Ëmsetzung vun dësem Projet gerechent ginn? No wéi enge Krittäre géif de Gesondheetsministère de gëeegente Standuert fir eng zweet Apdikt an der Gemeng Clierf auswielen?*

Mir verweisen op d'Äntwert zur Fro 6.

Lëtzebuerg, den 9. Abrëll 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez